I-2019-O-M-5743-01
(3153)

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Depot: Fernand Kartheiser
PL 7534

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2020

2

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- déi aktuell Kris d'Suerg ëm eng Stéierung an der Liewensmëttelversuergung ausgeléist huet, wat vill Leit a Panik versat huet;
- an enger Krisesituatioun de Risiko vun Hamsterkeef besteet, wat d'Kris nach ka verschlëmmeren;
- nieft de staatlechen an de privatwirtschaftleche Präventiouns- an Interventiounsmoossnamen och d'perséinlech Resilienz e wichtege Bäitrag bei enger Krisebewältegung si kann (dozou kënnen och Reserve vu Liewensmëttel am privaten Stot gehéieren);
- d'Landwirtschaft an d'Liewensmëttelproduktioun allgemeng eng essentiell Roll spillen, wann et ëm d'Versuerge vun der Bevëlkerung mat liewenswichtege Gidder geet;
- de Risiko vum Zoumaache vu Grenzen d'Bedeitung vun enger gewësser Autonomie a vu Reserve bei liewenswichtege Gidder nach ënnersträicht;
- mat der Globaliséierung an ëmmer méi staarker Vernetzung vun der Wirtschaft, fir Lëtzebuerg liewenswichteg Gidder dacks wäit ewech produzéiert ginn;
- **wéinst eiser wuessender Ofhängegkeet vun Importer fir Liewensmëttel, lokal Stéierunge wäit ewech vu Lëtzebuerg an enger Kettereaktioun eis Versuergung temporär empfindlech treffe kënnen;**

fuerdert d'Regierung op,

- déi national Landwirtschaft als zentraalt Element vun der Liewensmëttelsécherheet besser unzëerkennen, si an Zukunft och an dëser Roll ze fërderen a weider ze stäerken;
- d'Wichtegkeet vun der Produktioun vu liewenswichtege Gidder op eisem Territoire an Zukunft allgemeng méi staark ze promovéieren;
- d'Land an d'Leit an Zukunft besser op Krisesituatiounen an den Ëmgang domat ze preparéieren, inklusiv duerch Informatiounscampagnen;
- national gesécher Reserve vu liewenswichtege Gidder unzeleeën an dëse Stock allzäit un déi demographesch Entwécklung vum Land unzepassen;

- mat der Geschäftswelt an der Logistik Weeër ze fannen, fir an Noutstandszäiten eng geuerdent Verdeelung vun de liewenswichtege Gidder am ganze Land ze garantéieren;
- ze préiwen, ob an op wéi eng Manéier d'Leit kënnen encouragéiert ginn, fir z.B. no Schwäizer Virbild, privat Stocke fir Krisesituatiounen unzeleeën an déi optimal ze geréieren.

F. Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg